PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 10/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Interieur weiderzeleeden.

Den 28te Mee huet an der Stad erëm den *ING Night Marathon* stattfonnt. Ewéi bei all groussem Event, hunn och hei Leit vum CGDIS an der Police fir d'Sécherheet vun de Leeferinnen a Leefer an den Zuschauer gesuergt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Policebeamte waren op der Plaz, fir de Marathon ofzesécheren?
2. Wéi vill Mann/Stonnen erginn sech heiraus fir d'Police?
3. Wéi vill Leit vum CGDIS waren op der Plaz, fir de Marathon ofzesécheren?
4. Wéi vill Mann/Stonnen erginn sech heiraus beim CGDIS?
5. Wéi vill Prozent vun de Käschte vun de Mann*Stonnen (50 Leit*8 Stonnen = 400 Mann*Stonnen) déi vun der Police geleescht goufen, si vum Organisateur iwwerholl ginn?
   Falls et keng 100 Prozent sollte sinn, wéi héich sinn d'Käschten, déi de Staat hei muss selwer droen?
6. Wéi vill Prozent vun de Käschte vun de Mann*Stonnen déi vum CGDIS geleescht goufen, si vum Organisateur iwwerholl ginn?
   Falls et keng 100 Prozent sollte sinn, wéi héich sinn d'Käschten, déi de Staat hei muss selwer droen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député